

# ENGAGÉIER DECH FIR DENG GEMENG!

## EE RÉCKBLÉCK OP D'BIERGERVERSAMMLUNG VUM 20. JANUAR 2024 OP DER MILLEN

Den 20. Januar 2024 haten sech an der Millescheier eng gutt 30 Awunner mat dem Gemengerot bei enger Taass Kaffi getraff, fir iwwer d'Zukunft vun der Gemeng a méi Biergerbedeelegung ze debattéieren.

De Buergermeeschter Thierry Lagoda huet déi verschidde Méiglechkeeten, wéi eis Bierger sech aktiv kënnen u Projete bedeelegen, virgestallt.

## Biergerbedeelegung

Nieft de bekannte Gemengekommissiounen, gëtt et nach aner Méiglechkeeten sech aktiv a senger Gemeng anzebréngen. Hei ee kuerzen Iwwerbléck:

- **Berodend Gemengekommissiounen:** Si hunn eng Berodungsmissioun an hir Dauer ass un d'Walzäit gebonnen, also maximal sechs Joer.
- **Biergerbudget**: D'Bierger kënne Projeten erareechen, déi dann eenzel vun de Gemengeservicer gepréift ginn. Wa se realiséierbar sinn, ginn se fir all d'Awunner zum Vott gestallt. D'Projeten, déi déi meescht Stëmme kréien, ginn dann ëmgesat, wann et an de finanzielle Kader passt. D'Gemeng stellt hire Bierger dofir een extra Budget zur Verfügung.
- **Aarbechtsgruppen:** Aarbechtsgruppen hu keng berodend Funktioun, mee sinn zäitlech begrenzt a ginn agesat fir ee konkrete Projet ze plangen an/oder ëmzesetzen.

## Iddien a Virschléi vun eisen Awunner

Et si vill Iddien, Verbesserungsvirschléi a Projeten virbruecht ginn. Hei fannt Dir eng kleng Zesummefaassung:

### Biergerbedeelegung

- Propose fir d'Kommissiounen an Aarbechtsgruppe méi grouss opzemaachen. Net just Awunner sollen d'Méiglechkeet kréie sech anzebréngen, mee och Leit, déi ee Lien zur Gemeng hunn, z.B. datt hir Famill hei wunnt a si hei grouss gi sinn, si hei an der Gemeng schaffen.
- Berodend Kommissioune sollen och selwer kënnen aktiv ginn, an net just ofwaarde mussen, datt d'Gemeng mat engem Projet u si eruntrëtt fir hiren Avis. D'Kommissioune sollen och mat Froen un de Gemengerot eruntriede kënnen. Och d'Aktivitéite no bausse sinn ee wichtege Bestanddeel vun de Kommissiounen.
- Et kënnt een 1 grouss Kommissioun schafen aplaz lauter kleng eenzel Kommissiounen. Den Ordre du jour vun der Kommissioun kënnt mat Datum a Plaz an der Suebelmouk publizéiert ginn, a Jiddereen, deen un den Themen interesséiert ass, kann dann dohinner kommen.

### Iddien/Projeten

➔ **Um soziale Plang**

- Aktivitéite fir pensionéiert an eeler Leit an der Gemeng organiséieren - Se existéieren op Niveau vum Club Senior Atertdall, mee et soll nees eng Plaz an der Gemeng geschaf ginn, wou d'Leit sech begéine kënnen. Et kënnt een och een Transport fir d'Leit organiséieren, wéi et soss den Amiperas-Bus gouf, deen eeler Leit 1 Mol am Mount zesumme bruecht huet. Et soll och an allen Dierfer eppes gebuede ginn, net just, wéi et aktuell ass, alles regruppéiert op der Biekerecher Millen. D'Biekerecher Millen ass net ideal fir Leit, déi manner mobil sinn, an et bleift kee Bus do stoen.
- Integratioun vun neien Awunner / Integratioun vun auslänneschen Awunner - Den neien Awunner soll eng Presentatioun vun der Gemeng gemaach ginn. Et misst een ee Package opstellen, deen nei Awunner op der Gemeng kréien, wann se sech umelle kommen, mat z.B. Informatiounen zu de Veräiner, wou déi verschidde Gebaier an der Gemeng sinn, de Méiglechkeete fir Akafen ze goen asw.
- Jugendlecher - Et si vill Jugendlecher an der Gemeng. Et kënnt een erëm ee Club des Jeunes opliewe loossen. Et wier och eng Iddi fir am Kader vun de Walen eng Informatiounsversammlung fir déi nei Wieler vun 18 Joer ofzehalen (Wat si Walen? Wat genee muss ech am Walbüro maachen?) - Fir déi Jugendlech mat an d'Boot ze huelen, misst een si eenzel uschreiwen, respektiv kucken iwwer wéi eng Kommunikatiounskanäl een déi Jonk am Beschten erreecht.

- Veräinsliewen - Et muss een sech och an dësem Beräich méi asetzen, an d'Veräiner an hirem Engagement fir nei Memberen ze fannen, ënnerstëtzen. Et kënnt een eng Videopresentatioun vun 2-3 Minutte vun all Veräin ophuelen, mat der Informatioun wat se maachen. Ee Podcast vun der Gemeng wier eng flott Saach, wou d'Veräiner sech kënne virstellen. Leit déi laang an der gemeng wunnen, kënnten eppes iwwer d'Gemeng erzielen. Domadder kënnt een och Jugendlecher erreechen.
- Botzaktioun - Als Gemeng misst een och eng grouss Botzaktioun ufänken, zesumme mat de Veräiner an den Duerfleit, wéi se och an aner Gemenge scho laang bestinn. Dat fërdert och d'Zesummeliewen.

**➔ Um kulturelle Plang / Tourismus**

- Eng Ekipp schafe, wéi fréier d'"Amis de l'Histoire" oder d'Kulturkommissioun - Dëse Grupp kënnt all méiglech Informatiounen (Fotoen, Filmer, al Hausnimm festhalen, Informatiounen zu alem Handwierk) aus der Gemeng sammelen an een Archiv opbauen. Se kënnte Publikatioune maachen, Dokumentarfilmer, Konferenzen halen a Villes méi.
- Vëlosweeër / Kanner- a Familljeweeër - Schafen, ausbauen a verschéineren.
- Evenementer fir Kanner - z.B. Mol- oder Bastelatelieren. Och d'Biekerecher Mille misst ee méi kannerfréndlech gestalten.

**➔ Mobilitéit**

- Sëchere Schoulwee - besser Beliichtung, Bushaisercher
- Ëffentlechen Transport - besser Ubannungen un de P&R op der Schweebecher Bréck

**➔ Gebaier / ëffentlech Plazen a Weeër**

- Bibliothéik/Mediathéik - Dëst kënnt eng Plaz si fir Bicher ze léinen, awer och fir Atelieren ze organiséieren, een Treffpunkt fir Jonk an Al. Et kënnt een sech och virstellen datt een do ka Gesellschaftsspiller ausléinen an neier, aus aller Welt, kenneléieren.
- Lokale Maart - fir déi lokal Ekonomie ze stäerken. D'Baueren aus der Gemeng an der Regioun, esou wéi och aner Commerçante kënnten hei hir Produite verkafen. Et wier eng Alternativ zu dem Areler Maart.
- Second Hand - Um Niveau vum SIDEC kënnt ee froe fir Saachen, déi nach kënne gebraucht ginn, weiderzeginn. Dëst kënnt och zesumme mam lokale Maart funktionéieren.
- Kierfechter/Bëschkierfecht - Op de Kierfechter sinn eng Partie Griewer, wou d'Nimm drop verschwannen. Et soll méi no de Kierfechter gekuckt ginn. Wann ee Bëschkierfecht soll entstoen, sollen d'Leit och kënne bei dësem Projet matschwätzen.
- Kierchen a Kapellen - Déi Kierchen, déi eidel stinn, kënnt een iwwerleeën, wéi eng Notzung/Fonctionnement soss nach méiglech ass. Och den Ënnerhalt vun de klenge Grotten a Kapellen, déi vun den Duerfleit an der Riicht gehale ginn oder goufen, misst ee kucken, wéi dat soll virugoen.
- Gemeinschaftsgaart - Et war eng Publikatioun an der Suebelmouk, hei wier et flott de Projet virunzedreiwen, zemools fir Leit, déi keng Méiglechkeet fir een eegene Gaart hunn.

***Dir hutt och nach eng Iddi oder wëllt Iech abréngen? Da mellt Iech bei engem vun eise Gemengerotsmemberen, oder schreift eng Mail op info@beckerich.lu***

## Wéi geet et virun?

De Gemengerot proposéiert a senger nächster Sëtzung vum 13. Mäerz 2024 déi folgend éischt **Kommissiounen** ze schafen:

- Kommissioun vum Zesummeliewen
- Kulturkommissioun
- Ëmweltkommissioun
- Mobilitéitskommissioun




An der Suebelmouk vum Abrëll 2024 mécht d'Gemeng een Opruff fir interesséiert Leit fir sech fir dës 4 Kommissiounen ze mellen. Wann am Laf vun den nächste Joren nach aner Kommissioune gebraucht gënge ginn, sollen déi vum Gemengerot no Bedarf nogeschafe ginn. Parallel zu de Kommissiounen, ginn, a Funktioun vun de Projeten déi zeréckbehale ginn, Informatiounsversammlunge fir eis Awunner gemaach. Déi Leit, déi duerno interesséiert si bei engem Projet matzewierken, kënne sech dann an een **Aarbechtsgrupp** mellen.












Presentatioun vum 20. Januar :
*Présentation du 20 janvier:*

SCAN ME

# PARTICIPE ACTIVEMENT À LA VIE DE TA COMMUNE

## UNE RÉTROSPECTIVE DE LA RENCONTRE AVEC NOS CITOYENS DU 20 JANVIER 2024 AU MOULIN DE BECKERICH



🇫🇷 Le 20 janvier 2024, une bonne trentaine d'habitants se sont réunis avec le conseil communal autour d'une tasse de café à la « Millescheier » pour débattre de l'avenir de la commune et d'une plus grande participation citoyenne.

Le bourgmestre Thierry Lagoda a présenté les différentes possibilités permettant à nos citoyens de participer plus activement à des projets.

### Participation citoyenne

A côté des commissions communales bien connues, il existe d'autres possibilités de s'engager activement pour ta commune. En voici un bref aperçu:

- **Commissions consultatives communales:** Elles ont un caractère consultatif et leur durée est liée à celle de la législature, soit six ans au maximum.
- **Budget participatif:** Les citoyens peuvent soumettre des projets qui seront examinés individuellement par les services communaux. Pour autant qu'ils soient réalisables, ils seront soumis au vote de tous les habitants. Les projets qui obtiennent le plus de voix sont ensuite réalisés s'ils rentrent dans le cadre financier. La commune met une enveloppe budgétaire spécifique à la disposition de ses citoyens.
- **Groupes de travail:** Les groupes de travail n'ont pas de fonction consultative, mais sont limités dans le temps et servent à la planification et/ou à la réalisation d'un projet concret.

## Idées et propositions de nos résidents

De nombreuses idées, propositions d'amélioration et projets ont été apportés. Ci-dessous, un petit résumé:

### Participation citoyenne

- Proposition d'ouvrir les commissions et les groupes de travail à un plus grand groupe cible. Non seulement les habitants devraient avoir la possibilité de se porter candidats, mais aussi les personnes qui ont un lien avec la commune, par exemple dont la famille vit ici et qui ont grandi ici, ou qu'ils travaillent dans la commune.
- Les commissions communales doivent aussi pouvoir devenir actives elles-mêmes et ne pas seulement attendre que la commune vienne les voir avec un projet et leur demande leur avis. Les commissions doivent aussi avoir la possibilité de poser des questions au conseil communal. Les activités externes sont également une partie importante de leurs tâches.
- On pourrait créer une grande commission au lieu de nombreuses petites commissions individuelles. L'ordre du jour de la commission, avec la date et le lieu, serait publié dans le « Suebelmouk », et toute personne intéressée par les sujets pourrait alors s'y rendre.

### Idées/Projets

**➔ Au niveau social**

- Activités pour les retraités et les personnes âgées dans la commune - Il existe des activités au niveau du Club Senior Atertdall, mais il faut recréer un lieu où les gens peuvent se rencontrer au sein de notre commune. On pourrait aussi organiser le transport des gens, comme c'était le cas avec le bus Amiperas qui réunissait les personnes âgées une fois par mois. Il faudrait aussi proposer quelque chose dans tous les villages, pas seulement, comme c'est le cas actuellement, tout regroupé au Moulin de Beckerich. Le site du Moulin de Beckerich n'est pas idéal pour les personnes moins mobiles et il n'y a pas d'arrêt de bus à cet endroit.
- Intégration des nouveaux résidents / intégration des résidents étrangers - Les nouveaux résidents devraient recevoir une présentation de la commune. Il faudrait créer un kit de bienvenue que les nouveaux habitants de la commune recevraient lors de leur inscription, par exemple des informations sur les associations, où se trouvent les différents bâtiments dans la commune, les possibilités d'achat, etc.
- Jeunes - Il y a beaucoup de jeunes dans la commune. Un club de jeunes peut être relancé. Une idée serait aussi d'organiser une réunion d'information pour les nouveaux électeurs de 18 ans et plus dans le cadre des élections (Qu'est-ce que les élections ? Que dois-je faire exactement au bureau de vote ?) - Pour atteindre les jeunes, il faudrait leur écrire individuellement et de manière ciblée, respectivement identifier quels sont les canaux de communication qui permettent le mieux d'atteindre les jeunes.
- Vie associative - Il faut également devenir plus actif dans ce domaine et soutenir les associations dans leur engagement à recruter de nouveaux membres. On pourrait enregistrer une présentation vidéo de 2 à 3 minutes de chaque association avec des informations sur leurs activités. Un podcast réalisé par la commune, dans lequel les associations pourraient se présenter, serait une bonne idée. Les personnes qui vivent depuis longtemps dans la commune pourraient raconter des histoires sur la commune. De cette façon, il serait possible d'atteindre les jeunes.
- Grande action de nettoyage - En tant que commune, il faudrait aussi lancer une grande action de ramassage des déchets avec les associations, comme ils le font depuis longtemps dans d'autres communes. Cela favorise également la cohabitation.

**➔ Au niveau culturelle / tourisme**

- Formation d'une équipe, comme autrefois les « Amis de l'Histoire » ou la commission culturelle - Ce groupe pourrait collecter toutes sortes d'informations de la commune (photos, films, enregistrement d'anciens noms de maisons, informations sur les anciens métiers) et créer ainsi des archives. Ils pourraient faire des publications et créer des documentations, organiser des conférences et bien plus encore.
- Pistes cyclables / sentiers pour enfants et familles - Création, extension et embellissement.
- Organiser des événements pour enfants - Par exemple des ateliers de peinture ou de bricolage. Le site du Moulin de Beckerich doit également être rendu plus convivial pour les enfants.

**➔ Mobilité**

- Des trajets plus sûrs vers l'école - Un meilleur éclairage des arrêts de bus.
- Transports publics - Meilleure connexion au P&R Schwebach.

➔ **Bâtiments / Places et chemins publiques**

- Bibliothèque/Médiathèque - Cela pourrait être un endroit pour emprunter des livres, mais aussi pour organiser des ateliers, un lieu de rencontre pour les jeunes et les moins jeunes. On pourrait aussi imaginer que l'on puisse y emprunter des jeux de société et découvrir de nouveaux jeux du monde entier.
- Marché local - Pour renforcer l'économie locale. Les agriculteurs de la commune et de la région ainsi que d'autres commerçants pourraient y vendre leurs produits. Ce serait une alternative au marché à Arlon.
- Second hand - Au niveau du SIDEC, on pourrait demander de redonner des choses qui sont encore utilisables. Cela pourrait aussi se faire en collaboration avec le marché local.
- Cimetières / Cimetière forestier - Aux cimetières, il y a un certain nombre de tombes sur lesquelles les noms ont tendance à disparaître. Il faudrait accorder plus d'attention aux cimetières. De même, il faudrait que les gens puissent participer au projet de création d'un cimetière forestier.
- Eglises et chapelles - Pour les églises non utilisées, on pourrait étudier quelle utilisation/fonctionnement serait encore possible. Il faudrait également réfléchir à l'entretien des petites grottes et chapelles qui sont ou ont été entretenues par les villageois.
- Jardin communautaire - Il y a eu une publication dans le « Suebelmouk », ce serait bien de faire avancer le projet, surtout pour tous ceux qui n'ont pas la possibilité d'avoir leur propre jardin.

***Vous avez une idée ou vous souhaitez vous impliquer ? Alors contactez un de nos membres du conseil communal ou envoie un e-mail à info@beckerich.lu***

## Quelles sont les prochaines étapes ?

Le conseil communal se propose de créer les premières **commissions** suivantes lors de sa prochaine réunion le 13 mars 2024:

- Commission du vivre-ensemble interculturel
- Commission culturelle
- Commission de l'environnement
- Commission de la mobilité

Dans le « Suebelmouk » d'avril 2024, la commune appelle les personnes intéressées à se porter candidates pour ces 4 commissions. Si d'autres commissions sont nécessaires au cours des prochaines années, elles seront créées par le conseil communal en fonction des besoins.
Parallèlement aux commissions, en fonction des projets retenus, des réunions d'information seront organisées pour nos habitants. Toute personne intéressée à participer à un projet peut alors rejoindre le **groupe de travail** respectif.

